N°2896
Entrée le 17.10.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

Gemeinsam Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden, a vun der Madame Justizministesch, Elisabeth Margue, op d'parlamentaresch Fro N°2896 vum 18. September 2025 vum honorablen Deputéierten Marc Goergen zum Sujet “Statistiques de criminalité dans certaines grandes communes”.

Den honorabelen Deputéierten huet eng Serie Froe betreffend d’Kriminalitéitstatistiken an de Gemenge Réimech, Lëtzebuerg, Déifferdeng, Péiteng, Esch/Uelzecht, Dikrech an Ettelbréck. An deem Zesummenhang ass op déi follgend Punkten hinzeweisen:

D’Regierung huet sech engagéiert der Police déi néideg Mëttel, notamment a virun allem genuch Personal zur Verfügung ze stellen geméiss dem Prinzip vun de « 4P » : méi Personal bedeit méi Präsenz um Terrain, méi Proximitéit zum Bierger a méi Präventioun. De massive Recrutement gëtt weidergefouert. D’Police zielt haut 3.400 Beamten. Dat sinn 2.600 Polizisten an 800 Membere vum ziville Kader. Den Inneminister huet huet sech dofir agesat, dass och an den nächste Jore pro Joer 90-100 Polizisten netto bäi kommen. Genau sou ginn och d’Mëttel vun de Justizautoritéite fir en effikasse Kampf besonnesch géint déi organiséiert Kriminalitéit vun der Regierung weider gestäerkt.

Doriwwer eraus ass d’Policepräsenz duerch de Pilotprojet vun der Police locale gestäerkt ginn. Aleng an der Stad si säit der Aféierung vun der Unité de police locale, den 01.07.2024 ronn 2.700 Patrullen zousätzlech gemaach ginn.

D’Regierung huet nach eng Rei aner Projeten, wéi d’Reform vum VISUPOL an d’ automatesch Erkennung vun den Nummereschëlder (ANPR System) oder och nach eng Auswäitung vun den Iwwerwaachungsméiglechkeeten bei schwéieren oder organiséierte Strofdoten (PL 8515), op de Wee bruecht, déi sollen hëllefe méi efficace géint Kriminalitéit kënne virzegoen.

Duerch déi gutt Aarbecht vu Police a Justiz konnte säit Ufank dëes Joers aleng an der Région Capitale 250 Leit verhaft ginn. Nieft den Drogendealer sinn dat virun allem Abriecher a Gewalttäter. Am Quartier Gare aleng waren et der ronn 140, déi meeschte Verhaftungen am Drogeberäich, mee och 11 Abriecher a 17 präsuméiert Auteure vu vols avec violence.

Dëst Joer goufen aleng an de Méint Mee bis September landeswäit souvill Abriecher verhaft, wéi fir d’ganzt Joer 2024. Am Joer 2024 goufen an der Moyenne 8,75 Abriecher pro Mount verhaft, géint 21,6 aktuell, wat eng Augmentatioun vun iwwert 240 % duerstellt.

National sinn och d’Verhaftunge vun Drogendealer ëm ronn 20% eropgaange par rapport zum Joer 2024.

Duerch intensiv Ermëttlungen wéinst enger Serie vu Gefier-Déifställ ass et an der Nuecht vum 13. op de 14. Oktober zu 2 Festname komm. Déi presuméiert Täter haten et haaptsächlech op SUV’en ofgesinn.

Duerch eng gréndlech Analys an eng enk Zesummenaarbecht mat den auslänneschen Autoritéiten ass et de Beamte gelongen, déi presuméiert Täter am Kader vun den Ermëttlungen z’identifizéieren.

2. Kënnen d'Ministeren den nämmlechten Tableau virleeën, wéi an der Äntwert op d'Fro n°7125, dëst fir d'Joren 2019 bis 2025 fir d'Gemenge Réimech, Lëtzebuerg (Stater Gare eenzel), Déifferdeng, Péiteng, Esch/Uelzecht, Dikrech an Ettelbréck?

| Typ vun Infraktioun | 2019 | 2020 | 2021 | 2022 | 2023 | 2024 | 2025 (bis 22.09.2025) |
|---|---|---|---|---|---|---|---|
| **Gemeng Réimech** | | | | | | | |
| Vols liés aux véhicules / autres vols | 80 | 60 | 50 | 147 | 91 | 115 | 102 |
| Violences envers personnes | 25 | 31 | 30 | 22 | 36 | 49 | 27 |
| Affaires drogues | 2 | 7 | 6 | 5 | 14 | 6 | 6 |
| **Gemeng Lëtzebuerg** | | | | | | | |
| Vols liés aux véhicules / autres vols | 4372 | 4347 | 4865 | 6919 | 7564 | 8038 | 6311 |
| Violences envers personnes | 924 | 820 | 811 | 967 | 1063 | 1090 | 664 |
| Affaires drogues | 2297 | 2564 | 1728 | 1691 | 1066 | 1244 | 481 |
| **Stater Gare** | | | | | | | |
| Vols liés aux véhicules / autres vols | 1166 | 1118 | 1067 | 1685 | 1647 | 1857 | 1654 |
| Violences envers personnes | 230 | 261 | 236 | 314 | 334 | 286 | 154 |
| Affaires drogues | 1061 | 1633 | 1121 | 1072 | 568 | 589 | 257 |
| **Gemeng Déifferdeng** | | | | | | | |
| Vols liés aux véhicules / autres vols | 302 | 283 | 328 | 566 | 581 | 488 | 288 |
| Violences envers personnes | 152 | 169 | 213 | 218 | 217 | 224 | 157 |
| Affaires drogues | 111 | 130 | 81 | 107 | 95 | 67 | 27 |
| **Gemeng Péiteng** | | | | | | | |
| Vols liés aux véhicules / autres vols | 706 | 683 | 766 | 1195 | 1238 | 1278 | 946 |
| Violences envers personnes | 127 | 115 | 128 | 142 | 137 | 165 | 118 |
| Affaires drogues | 67 | 99 | 106 | 66 | 83 | 81 | 26 |
| **Gemeng Esch/Uelzecht** | | | | | | | |
| Vols liés aux véhicules / autres vols | 1064 | 806 | 984 | 1103 | 1285 | 1530 | 840 |
| Violences envers personnes | 391 | 358 | 467 | 622 | 670 | 688 | 409 |
| Affaires drogues | 271 | 327 | 274 | 229 | 269 | 225 | 183 |
| **Gemeng Dikrech** | | | | | | | |
| Vols liés aux véhicules / autres vols | 126 | 134 | 115 | 149 | 164 | 164 | 137 |
| Violences envers personnes | 69 | 59 | 79 | 75 | 93 | 91 | 60 |
| Affaires drogues | 56 | 140 | 151 | 97 | 130 | 120 | 34 |
| **Gemeng Ettelbréck** | | | | | | | |
| Vols liés aux véhicules / autres vols | 186 | 163 | 180 | 224 | 246 | 303 | 229 |
| Violences envers personnes | 92 | 114 | 94 | 124 | 125 | 162 | 109 |
| Affaires drogues | 232 | 135 | 170 | 107 | 149 | 148 | 94 |

2. Hunn d'Police- an d'Justizautoritéite Kenntnis dovunner, ob zu Réimech an de leschte Jore Fäll vun illegale Waffegebrauch passéiert sinn?

De follgenden Tableau weist d'Procès-verbaux « armes prohibées » vun der Gemeng Réimech, déi un d'Justizautoritéite weidergeleet goufen:

| Typ vun Infraktioun | 2019 | 2020 | 2021 | 2022 | 2023 | 2024 | 2025 (bis 22.09.2025) |
|---|---|---|---|---|---|---|---|
| **Gemeng Réimech** | | | | | | | |
| Armes prohibées | 3 | / | 2 | 2 | 4 | 3 | 2 |

3. Goufen an de leschten Joren Fäll vun Prostitutioun an Proxinetismus an de Grenzgemengen mat Däitschland? Falls jo, kënnen d'Ministeren hei Zuelen virleeën fir d'Joren 2019 bis 2025?

Vu dass Prostitutioun zu Lëtzebuerg keng penal Infraktioun duerstellt, gëtt vun der Police keng Statistik dozou gefouert.

Wat de Proxenitismus betrëfft, ass an dem gefroten Zäitraum ee Fall constatéiert ginn an enger Grenzgemeng zu Däitschland.

Lëtzebuerg, de 17. Oktober 2025
Den Inneminister,
(s.) Léon Gloden